N°3052
Entrée le 19.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3052 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Wéi vill Schüler krute fir d'Schouljoer 2024/25 am gesamten Enseignement secondaire mindestens een Aménagement raisonnable accordéiert?**
2. **Wéi vill Prozent vun den Demandë fir Aménagements raisonnables goufen am Schouljoer 2024/25 accordéiert?**

Am Schouljoer 2024/2025 kruten 376 Schüler aus dem Enseignement secondaire op d'mannst ee räsonabelt Amenagement accordéiert. Bei insgesamt 408 Demanden, wouvunner der 394 recevabel waren, entsprécht dëst engem Prozentsaz vun 95,43 %.

3. **Wéi huet sech d'Unzuel un Amenagementer, déi pro Schouljoer accordéiert goufen, am Verhältnis zur Gesamtzuel u Schüler säit dem Joer 2011 entwéckelt? Wéi erkläert den Här Minister dës Evolutioun?**


| *Schouljoer* | *CAR-Demanden* | *Schüler am ES* | *Prozentsaz* |
|---|---|---|---|
| 2012/2013 | 57 | 41.057 | 0,14 % |
| 2013/2014 | 78 | 42.152 | 0,19 % |
| 2014/2015 | 88 | 42.237 | 0,21 % |
| 2015/2016 | 156 | 42.594 | 0,37 % |
| 2016/2017 | 116 | 42.895 | 0,27 % |
| 2017/2018 | 172 | 43.908 | 0,39 % |
| 2018/2019 | 165 | 43.964 | 0,38 % |
| 2019/2020 | 212 | 44.705 | 0,47 % |
| 2020/2021 | 211 | 44.857 | 0,47 % |
| 2021/2022 | 299 | 46.016 | 0,65 % |
| 2022/2023 | 343 | 47.311 | 0,72 % |
| 2023/2024 | 426 | 48.530 | 0,88 % |
| 2024/2025 | 408 | 50.259 | 0,81 % |

D'Tabell weist d'Evolutioun vun den Demanden un d'CAR vun de Schouljoren 2012/2013 bis 2024/2025, grad wei d'Schülerzuelen aus dem Enseignement secondaire an d'Verhältnis tëscht dësen zwou Variabelen.

4. **Ginn et signifikant Ënnerscheeder a punkto Unzuel un Amenagementer tëscht dem ESC, dem ESG, der Beruffsausbildung an deenen ëffentlechen internationale Schoulen?**

D'Tabell hei drënner weist d'Verdeelung no Certificat de capacité professionnelle (CCP), Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP), agreéierten europäesche Schoulen (EEA), Voie de Préparation (VP), Enseignement secondaire classique (ESC) an Enseignement secondaire général (ESG):

| *Ordre d'enseignement* | *Unzuel* |
|---|---|
| CCP | 7 |
| DAP | 24 |
| EEA | 46 |
| ESC | 113 |
| ESG | 207 |
| VP | 11 |
| **Total** | **408** |




5. **Deen am heefegst genotzten Amenagement ass laut FÉDUSE-CGFP dee vun der „majoration du temps lors des épreuves et projets intégrés". Wéi gëtt dat an der Praxis logistesch gehandhaabt, wann déi normal Zäit fir eng Prüfung ze schreiwen ofgelaf ass, déi eege Klass da fir en anert Fach de Sall wiesselt an dee betraffenen Enseignant selwer op seng nächst Klass goe muss, wärend vereenzelt Schüler awer nach méi laang d'Prüfung solle weiderschreiwen däerfen?**

   Kritt e Schüler Aménagements raisonnables accordéiert, kënnt am Prinzip de Conseil de classe zesummen, fir iwwert déi praktesch Ëmsetzung vun de Moossnamen ze beroden. Am Fall vun enger „majoration du temps lors des épreuves et projets intégrés" kann dat esou ausgesinn, datt en Assistant pédagogique oder en anere Member vum Personal de Schüler surveilléiert, wärend dëse seng Prüfung fäerdeg schreift.

6. **Steet bei Schüler, déi Amenagementer am Laf vun hirem schouleschem Parcours genotzt hunn, dës Informatioun op all hiren Zensuren an Diplomer kloer an däitlech drop, esou dass hire potenziell spéidere Patron oder d'Universitéit dës Informatioun transparent matgedeelt kritt? Falls net, firwat net?)**

   D'Äntwert op dës Fro fënnt sech an zwee Artikelen aus dem Inklusiounsgesetz (*Loi modifiée du 20 juillet 2018 en faveur de l'inclusion scolaire*):

   *Art. 55-7. Les certificats et diplômes sont identiques pour tous les élèves ayant réussi les épreuves.*

   *Art. 55-8. Le complément aux diplômes, les compléments aux certificats et les bulletins concernés portent seulement la mention des aménagements raisonnables suivants :*

   *1° le recours systématique à des aides technologiques ;*
   *2° l'utilisation d'une langue véhiculaire, l'allemand ou le français, autre que celle prévue par les programmes ;*
   *3° les dispenses d'épreuves orales, pratiques ou physiques ou d'un module ;*
   *4° les aménagements concernant une branche fondamentale de la classe terminale ou le projet intégré final*.

7. **Der FÉDUSE-CGFP no ass mat der Gestioun vun den Aménagements raisonnables heefeg e grousse Méiopwand fir den Enseignant verbonnen. Gëtt dësem zousätzlechem Aarbechtsopwand mëttlerweil an iergendenger Form an der Tâche vum Enseignant Rechnung gedroen? Falls net, wär den Här Minister bereet dat z'änneren?**

   D'Gestioun vun der Heterogenitéit vum Klasseverband – an dozou gehéiert och d'Gestioun vun den Aménagements raisonnables – ass Bestanddeel vun den Enseignanten hirer Aarbecht. D'Enseignantë sinn dobäi awer net op sech aleng gestallt, mee collaboréieren, sou wéi den Artikel 14*ter* vum uewe genannten Inklusiounsgesetz et virgesäit, mat de Membere vun der Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques (ESEB). Eng Adaptatioun vun der Tâche ass dofir zum aktuellen Zäitpunkt net virgesinn.

8. **Gesäit den Här Minister ganz allgemeng d'Necessitéit, an der Prozedur vun der Prise en charge vun den Élèves à besoin éducatifs spécifiques kuerz- bis mëttelfristeg Upassunge virzehuelen, besonnesch a punkto Bewëllegen a Gestioun vun den Aménagements raisonnables? Falls jo, wéi eng Upassungen?**

   Mam Akraafttriede vum Gesetz vum 30. Juni 2023 huet de Legislateur entscheet, d'Gesetz vum 15. Juli 2011 (*Loi visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers*) ze abrogéieren.

   Déi raisonabel Amenagementer an déi dofir kompetent Instanzen, déi nei geschafen Inklusiounskommissioun am Lycée an d'CAR goufen als Deeler vum Dispositif fir d'Prise en charge vu Schüler mat spezifesche Besoinë confirméiert an hunn d'Aufgaben, déi am Gesetz vun 2011 beschriwwe waren, iwwerholl.

   Dobäi gouf ënnerstrach, datt et sech bei raisonabelen Amenagementer ëm Moossnamen handelt, déi dem Schüler et sollen erméiglechen, seng Kompetenze vollstänneg anzebréngen ("*ensemble de mesures ayant pour objectif de faire valoir à l'élève les compétences acquises"*).

Deen aktuelle Regierungsprogramm gesäit dann awer och d'Evaluatioun vun der Ëmsetzung vun dëse legislativen Ännerungen vir. An dësem Zesummenhang ginn zur Zäit éischt Analyse gemaach an Echangë mat de Partner aus dem Bildungssecteur geplangt.

Lëtzebuerg, den 19. November 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH